LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Enseignement supérieur
et de la Recherche

Le Ministre

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

REÇU
Par Alff Christian , 17:42, 15/06/2020

Luxembourg, le 15 juin 2020

Concerne: Question parlementaire n° 2199 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser concernant recrutement du personnel pour les centres de dépistage du coronavirus

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire n° 2199 du 13 mai 2020.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Claude MEISCH
Ministre de l'Enseignement supérieur
et de la Recherche

18-20, montée de la Pétrusse
L-2327 Luxembourg

Tél. (+352) 247-85206
Fax (+352) 40 66 98

www.mesr.public.lu

www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Enseignement supérieur
et de la Recherche

Le Ministre

Äntwert vum Här Minister fir Héichschoul a Fuerschung op d'parlamentaresch Fro n° 2199 vum honorabelen Deputéierte Fernand Kartheiser iwwert d'Corona-Virus-Tester.

Ech reagéieren op dem honorabelen Deputéierte seng Froe mat dëse Präzisiounen.

Déi geplangten Testserie gëtt, am Optrag vum *Luxembourg Institut of Health* (LIH), zum groussen Deel vun de *Laboratoires Réunis Luxembourg* (LRL) ausgefouert. D'Firma *Ecolog* ass ee Sous-Traitant vun den LRL, déi am Kontext vum Projet mat den Aspekter vun der Logistik an dem Astelle vum néidege Personal fir d'Asammele vun de Prouwe beoptraagt gouf. De Choix ass op d'Firma *Ecolog* gefall, well dat eng Entreprise ass, déi jorelaang Erfarung an dëse Beräicher huet.

Et kann ee generell dozou soen, datt *Ecolog* mat lëtzebuergeschen Agencen zesummeschafft fir an dëser Krisenzäit, primairement, Personal aus Lëtzebuerg oder der Groussregioun ze rekrutéieren. Well een zur Zäit wéinst der COVID-19-Kris awer leider net exklusiv op lokal oder regional Mataarbechter aus dem Gesondheetssecteur zréckgräife kann, war der Firma *Ecolog* hiren Optrag ënnert anerem och, derfir ze suergen, dass een och op Personalressourcen ausserhalb vu Lëtzebuerg oder der Groussregioun kéint zréckgräifen, fir de Fall wou een déi Leit hei net géif fannen.

An dësem Projet stinn zudeem och Leit aus der nationaler *Réserve sanitaire* ënner Vertrag.

95% vun de Mataarbechter sinn no lëtzebuergeschem Recht an duerch verschidden zu Lëtzebuerg registréiert Agencen agestallt. Déi reschtlech ugestallte Persoune sinn nom däitsche Recht an däitsche Gehaltsniveau rekrutéiert. Et komme souwuel CDDen wéi och intérimaire Aarbechtsverträg beim administrativen a logistesche Personal zur Uwennung.